N°3799
Entrée le 19.03.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 19.03.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/03/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen & Wunnengsbau weiderzeleeden.**

D'Logementskris ass och ënnert dëser Regierung net spierbar besser ginn. Vill Mënschen, déi hei opgewuess sinn, kënnen sech den Dram vum Eegenheem am eegene Land net leeschten, dëst wéinst den héije Logementspräisser. Op déi héich Präisser kommen dann, zënter 2022, nach méi héich Bankzënsen op Immobiliekreditter.

Leit, déi hier éischt Wunneng wëlle kafen, kënne beim Logementsministère d'Prime d'accession à la propriété ufroen. Et sinn awer ëmmer manner Leit, déi dës ufroen. D'Zuelen am Rapport d'activités 2024 vum Logementsministère weisen zënter 2015 eng staark Tendenz no ënnen, mat 3 Mol manner Primmen, déi accordéiert goufen (vun 1500 op ronn 500 am Joer).

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung soen, wéi sech den Undeel un Eischtkeefer (Primo-Acquéreurs) un der Gesamtzuel vun den Immobilieprêten zu Lëtzebuerg entwéckelt huet tëschent de Joren 2013 an 2025?

2. Wéi vill Persounen hunn an de selwechte Joren (opgeschlësselt no Joer) vum „Bëllegen Akt" profitéiert?
   Wat ass hei den Undeel u Persounen, déi hire bëllegen Akt déi éischte Kéier genotzt hunn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés